

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Et ass eis zu Ouere komm, dass de Projet vum neie P&R zu Waasserbëlleg bei der Gare vun den CFL virleefeg gestoppt gi wier, an dass de Projet nei geplangt soll ginn. Den Haaptgrond fir dëse Schratt wier virop déi rezent Präisexplosioun, ënner anerem beim Baumaterial.


An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- Ass virgesinn, déi fréi Fläch, déi duerch d'Demolitioun vun de fréieren Ateliern entstanen ass, bis zur Realiséierung vun engem neie Projet als Parkraum ze notzen?*
- Ginn et Gespréicher mat den däitschen Autoritéiten, fir och d'Parkméiglechkeeten op däitscher Säit auszubauen, notamment bei den Zuchgaren direkt hanner der Grenz ?*
- Ginn et aner Projekte vun der CFL, déi wéinst der Präisdeierecht mussen nei geplangt oder ofgeännert ginn?“*

Mat déiwem Respekt,



Carole HARTMANN



Max HAHN

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Deputéiert

Deputéierten